1- 2021-0-2- 6952-01 (n°3767)

Depot : **Jeff Engelen**

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, den 11. Februar 2022

P2 7964

1

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- d'Doktere, fir d'Erstelle vun engem Patienten-Rapport iwwer eventuell Niewewierkunge vun enger Covid-Impfung, am Abléck net remuneréiert ginn.

ass sech bewosst, datt

- doduercher datt d'Doktere aktuell keng Remuneratioun fir e Rapport iwwer Niewewierkunge kréien, eventuell net all d'Niewewierkunge vu Covid-Impfstoffer enregistréiert a gemellt ginn. Et ass jo esou, datt d'Erstelle vun esou engem Rapport kann esouwuel zäit - an aarbechtsintensiv sinn an et wär dowéinst nëmme richteg, wann en Dokter fir déi Aarbecht och géing remunéréiert ginn.

fuerdert d'Regierung op,

- fir esou séier wéi méiglech am Kader vun enger Quadripartitte eng nei medezinesch Tarifikatioun ze proposéieren, déi et géing erlaben en Dokter fir e Rapport iwwer Niewewierkunge vun engem Covid-Impfstoff ze remunéréieren.

Jeff Engelen

Deputéierten